piraten.lu

N°4472
Entrée le 16.07.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 16.07.2026
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15/07/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

E Bierger huet eis op e rezent an alldeeglecht Problem opmierksam gemaach: op verschiddene RGTR-Linnen, ënner anerem an Direktioun Frankräich, wier d'Klimaanlag dacks "hors service", esou datt d'Passagéier dacks länger Zäite, besonnesch am Stau zu den Haaptstousszäiten, ouni Klimatiséierung ënnerwee sinn. Bei Canicule, wéi mir se aktuell erliewen, kann dat séier zu enger echter Gesondheetsgefor ginn, besonnesch fir méi vulnerabel Persounen (eeler Leit, Kanner, Leit mat Virerkrankungen).

Zousätzlech huet d'CFL fir de Summer eng komplett Ënnerbriechung vum Trafic ugekënnegt, wat d'Situatioun fir d'Pendler nach méi problematesch mécht, well d'Alternativbusser dann nach méi voll sinn an de Problem riskéiert, nach méi Persounen ze betreffen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi vill vun de RGTR-Busser hunn aktuell keng funktionell Klimaanlag, a wéi laang dauert et am Duerchschnëtt bis eng gemellte Pann behuewe gëtt?

2. Gëtt et bei der RGTR e Protokoll oder eng Direktiv, wéi mat Bussen ouni funktionell Klimaanlag ëmgaange gëtt wärend enger Hëtztwell (z.B. temporäert Ausrangéiere vum Bus, prioritär Reparatur, etc.)?

3. Ass eng verstäerkt Kontroll oder Maintenance vun der Klimaanlag an de Bussen als strukturell Moossnam virgesinn, fir esou Situatiounen an Zukunft wärend Canicullen ze evitéieren?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten